



Här Fernand Etgen  
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 5. August 2019



Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesait, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheitsminister an un d'Madamm Minister fir de Konsumenteschutz weider ze leeden.

Déi leschten Wochen hunn sech allerlee Evenementer ronderëm den Cannabidiol (CBD) multiplizéiert. Vun Perquisitiounen vun Geschäfte am Grand-Duché bis zu Onkloerheeten am Zesammenhang mat Produiten, déi op der Hemp-Expo zu Diddeleng vum 6. An 7. Juli 2019 verkaf goufen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wéi ass d'Organisatioun am Grand-Duché opgebaut fir Liewensméttel mat Cannabidiol (CBD) ënnert dem europäeschen Reglement 2015/2283, den déi Produiten als « Novel Food » ugesäit, ze kontrolléieren?
- Wéi gëtt den Austausch an den Import/Export vum CBD kontrolléiert, deen et hei am Grand-Duché ze kafen gëtt?
- Wéi ass d'Prozedur fir Perquisitiounen vun CBD-Butteker esou ewéi och Blummegechäfte an Tubaksgeschäfte opgestallt?
- Wat ass den Impakt gewiescht vun den Perquisitiounen op d'Approvisionnement vun den Leit, déi den CBD als Medikament brauchen ?

- Wéi vill Leit sinn zoustänneg am Gesondheitsministère an och an aneren Direktiounen an der Regierung fir den Dossier « CBD » ?
- Kruten déi Mataarbechter eng speziell Formatioun fir als Experten iwwert den Sujet « CBD » kënnen matzeschwätzen?
- Wéi gëtt d'Exportatioun vun lokalen CBD Produiten kontrolléiert ?
- Huet d'Regierung eng Strategie fir d'Thematik vum CBD ? Wann jo, wéi gesäit déi Strategie aus ?

Här President, ech bieden lech mäin déifste Respekt unzehuelen.



Françoise Hetto-Gaasch

Deputéiert



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent  
Tel: 247 85510  
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service centrale de Législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg



Luxembourg, le 9 septembre 2019

Réf. : 82dxd6a5b

**Concerne:** Question parlementaire n° 1014 du 5 août 2019 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Madame la Ministre de la Protection des consommateurs et du soussigné à la question parlementaire n° 1014 du 5 août 2019 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch concernant la "Législation relative au Cannabidiol".

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération distinguée.

Pour le Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX  
Premier Conseiller de Gouvernement





**Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Santé et de Madame la Ministre de la Protection des consommateurs à la question parlementaire n° 1014 du 5 août 2019 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch concernant la "Législation relative au Cannabidiol".**

Wéi ass d'Organisatioun am Grand-Duché opgebaut fir Liewensméttel mat Cannabidiol (CBD) ënnert dem europäeschen Reglement 2015/2283, den déi Produiten als « Novel Food » ugesait, ze kontrolléieren?

Bei der Sécurité alimentaire gëtt op 4 Niveaue geschafft:

- Kontroll vun den Internet-Säiten: zënter Mee 2018 kruten 21 Geschäftsleit déi en Internetsite hunn, wou CBD Ueleger oder aner Liewensméttel mat CBD ugebueden ginn, e Rapport d'appréciation geschéckt mat Verwarnungen. Dëst ëmfaasst +/- 100 Échantillonen déi kontrolléiert goufen.
- Kontroll beim Import: Vill vun de Produiten ginn aus der Schwäiz importéiert. Doduerch konnten 2018, 17 Envoien mat CBD/Hanf/Cannabis blockéiert an zeréckgeschéckt ginn. 14 Envoien sinn 2019 scho kontrolléiert ginn.
- Beäntweren vun Ufroen vun Demanden déi per Bréif oder Mail un déi jeeweileg Servicer kommen. Am Kader vun der Informatioun ass och d'Brochure "Produits dérivés du Cannabis et du chanvre – Réglementation applicable au Luxembourg" erauskomm (<https://securite-alimentaire.public.lu/fr/actualites/communiqués/2019/01/cannabis.html>).
- Kontrollen vun de besteende Geschäfte a Collaboratioun mat der Police.

Wéi gëtt den Austausch an den Import/Export vum CBD kontrolléiert, deen et hei am Grand-Duché ze kafen gëtt?

D'Douane kontrolléiert den Import/Export a freet en Avis bei dem jeeweilegen Service, ënnert deem seng Kompetenzen de Produit fällt (Liewensméttel, Kosmetik, Tubak, ...).

Wéi ass d'Prozedur fir Perquisitiounen vun CBD-Butteker esou ewéi och Blummegeschäfte an Tubakgeschäfte opgestallt?

D' Perquisitioune sinn am Code de procédure pénale geregelt a falen an de Kompetenzberäich vun de Justizautoritéiten.

Wat ass den Impakt gewiescht vun den Perquisitiounen op d'Approvisionnement vun den Leit, déi den CBD als Medikament brauchen ?

An de CBD-Butteker däerfe keng Medikamenter verkaaft ginn. Déi eenzeg Produiten déi CBD enthalen an haut als Medikament vun engem Dokter kënnen verschriwwe ginn, sinn de Sativex® an de medezinesche Cannabis, déi just vun de Spidolsapdikten kënnen délivréiert ginn.



Wéi vill Leit sinn zoustänneg am Gesondheetsministère an och an aneren Direktiounen an der Regierung fir den Dossier « CBD » ?

Eng Persoun an der Division de la Sécurité alimentaire ass zoustänneg fir den Dossier „Novel Food“. An der Division de la Pharmacie et des Médicaments entsprécht d'Personal dat sech em Stupéfianten an derivéiert Produiten vum Cannabis këmmert engem hallef Zäit Equivalent.

Kruten déi Mataarbechter eng speziell Formatioun fir als Experten iwwert den Sujet « CBD » kënnen matzeschwätzen?

Bei der Division de la Sécurité alimentaire geet déi Persoun, déi fir den Dossier Novel Food zoustänneg ass, regelméisseg op Bréissel an de „Working Group“ vun der Commissioun wou all Member Staat duerch säin Expert vertraude gëtt.

D'Division de la Pharmacie et des Médicaments ass an den Europäeschen Aarbechtsgruppen fir Medikamenter a Kosmetik representéiert.

Wéi gëtt d'Exportatioun vun lokalen CBD Produiten kontrolléiert ?

Den Export gëtt vun der Douane kontrolléiert. Zu Lëtzebuerg gëtt et awer keng offiziell Produktioun vu lokalen CBD Produiten.

Huet d'Regierung eng Strategie fir d'Thematik vum CBD ? Wann jo, wéi gesait déi Strategie aus ?

Am Kader vum Konzept, wat d'Regierung deemnächst fir de rekreative Cannabis wäert virstellen, wäerten och d'Weiche gestallt ginn, wat den Ëmgang mam CBD ubelaangt.